

Roby Mehlen  
Député honoraire  
L-6850 Manternach

Un d'Redaktioun vun RTL  
Här Eric Ewald  
Lëtzebuerg

Manternach, den 18. Mäerz 2014

Gudde Mëttech Här Ewald,

erlabt mer kuerz Stellung ze bezéien zu dem Reportage iwwer 20 Jar Enn vun der Valise-Affär.

Richtig ass, datt ech nie behaupt haat, d'Bauernzentral hätt der CSV Geld gespend. Ech haat, a ménger deemoleger Eegenschaft als President vum „Fräie Lëtzebuenger Baureverband“ sënnegeméiss d'Fro opgeworf, wéisou d'CSV der Baurenzentral - heiansdo géint all Verstand an souguer dat geltend Recht, zum Beispill 10% Quotestrof fir déi Bauren déi d'Luxlait verlooss hunn oder réckwierkend Ännerung vum Genossenschaftsgesetz, wat den europäesche Riichter Pierre Pescatore deemols an engem Lieserbréif als schro Verletzung vun elementare Rechtsprinzipien verurteilt huet – ëmmer de Réck gestäipt huet, an ob do nët Parteispende kënten am Spill sinn.

Well dat e puer Méint virun de Wahle war, ass dunn doraus eng Affirmatioun an e politesche Prozess gemaach ginn, wou den Här Weiler, deen Dir zu Wuert komme loosst, als President vun der Enquêtekommissioun dem Gast Gibéryen als Member vun der Kommissioun nët mol erlabt huet, séng Froen u verschidden Zeien ze stellen.

Datt déi aner Parteien, deenen den deemolegen Aktiounskomitee 5/6 eng lästeg Konkurrenz war, kuerz virun de Wahlen dës Geleeënheet genotzt hunn, fir dës Konkurrenz fäerdeg ze maachen, a mech quasi als Liggener ofgestempelt hunn, war Deel vum Wahlkampf. Dat huet mir ganz wéi gedoen, well ech keng Liggend an d'Welt gesat haat, awer leider zwee Zeien sech am Zäitpunkt (Jar) geiert haaten, wéini dat sech am „Chalet“ ofgespillt haat. Dat geet ganz klar aus dem Rapport vun der Police judiciaire erfir.

Leider hu verschidde Medien, dee Spektakel matgemaach an nach méi opgeblooss. Tatsaach ass, datt deen een Zeien (fréiere Clerc vum Här Fischbach) bei sénger Ausso bliwwen ass, an deen aneren (och fréiere Clerc vum Här Fischbach) sech suizidéiert huet zum Zäitpunkt, wou déi Valisse-Saach am FLB-Comité thematiséiert ginn ass. De Rapport vun der Police judiciaire seet awer, datt d'Fra vum Patron vum Chalet Mierscherbiereg bestätegt hätt, datt dee Clerc

déi Saach vun der Valisse ëmmer erem am Chalet erzielt hätt. Och aner Zeien hunn dat bestätegt.

Mee dat alles huet kee méi interesséiert; de politesche Prozess ass virun de Wahlen zelebriert ginn an dat wat duerno am Rapport vun der PJ stung, ass nie méi op d'Tapéit komm.

D'Ziil, fir den Aktiounskomitee politesch fäerdeg ze maachen, ass awer total verfeelt ginn; trotz dem inszenéierte „Schauprozess“ huet méng Partei deemols ee Sätz derbäi gewonnen a Fraktiounsstatus kritt. Ech selwer hu ronn 40% méi perséinlech Stëmme kritt wéi bei de Wahle virdrun, wat mech du moralesch rëm opgeriicht huet.

Ech weess, datt et schwéier ass, sou komplex Affären (an déi heiten ass vill méi komplex wéi ech et elo resuméiert hunn) journalistesch korrekt opzeschaffen, well vill Leit d'Zesammenhäng och nët kennen.

Trotzdem wieren ech mech dergéint, wann déi Saach ëmmer rëm eesäiteg duergestallt gëtt, an den Androck vermëttelt gëtt, deemols wär eng Ligger an d'Welt gesat ginn, fir de politesche Géigner ze diskreditéieren. Wann dat nämlech de Fall gewiescht wäer, da wäer secher Plainte géint mech erhuewe ginn wéinst Calomnie oder Diffamatioun oder op d'mannst Schuedenersatz gefrot ginn. Dat ass nët geschitt, och nët vu Säite vum Här Fischbach. Well dat viru kengem Riichter Besand gehat hätt an et vill méi einfach war, mat Hëllef vun der Chamber-Majoritéit e politesche Prozess ze inszenéieren, deem säin Ausgang sécher war. An sou ass et jo och gaangen.

Den eigentlechen Ausléiser, nämlech déi skandalös Attitude vun der CSV vis à vis vun de Machenschaften vun der Baurenzentral resp. hierer CEPAL, déi d'Land Honnerte vu Milliounen kascht huet an awer am Ruin vum Agrocenter geendegt huet, ass dobäi leider Gottes komplett ënnergaang, wat d'CSV natiirlech beschtens arrangéiert huet.

Ech wäer frou, wann dës Zeilen nët ëmsoss geschriwwe wäeren, a wann Dir déi Duerstellung vun haut, déi ech als ongerecht empfangen an deem Sënn géift korrigéieren.

Mat beschte Gréiss  
Roby Mehlen

Déck zwee Méint virdrun, am Januar 1994, hat den deemolegen adr-Deputéierte Robert Mehlen um Kongress vum „Fräie Lëtzebuerger Bauereverband“ behaupt, d'Bauernzentral hätt Lëtzebuerger Parteie Sue gespent.

Ë.a. hätt de Marc Fischbach, dee kuerz drop fir d'CSV Minister gouf, 1984 am Chalet Mierscherbiërg eng Wallis mat bal zwou an enger hallwer Millioun Frangen dra kritt. Am Verlaf vun den Aarbechte vun der Enquêtëkommissioun hat sech awer z.B. erausgestallt, dass dee Chalet eréischt 1985, also d'Joer drop, op giong. Donieft hat dee Mann, deen dem Marc Fischbach déi ominéis Wallis sollt iwweginn hunn, dee Fait kategoresch dementéiert, iwverdeems d'Bauernzentral vu „béiswëllege Ligen“ vun der adr geschwat hat. Den 18. Mäerz 1994, also haut virun 20 Joer, sot de President vun der Enquêtëkommissioun, de spéidere Chamberpresident Lucien Weiler vun der CSV, dat heiten zum Robert Mehlen:

*"Nee seet hien, dat ass net sou ze verstoen. Ech hu keng Affirmatioune gemaach. Ech wollt nëmmen Hypotheesen opstellen ... huet en textuell gesot. Ech wollt Hypotheesen opstellen, wann dat sou gewiescht wär. Mä e war formell, ech hunn net behaupt, an ech wollt net behaupten, dass d'Bauernzentral Parteispenden bezuelt hätt, an et war och net a menger Intentioun. Ech wollt net, dass an der Ëffentlechkeet sou eng Impressioun géif entstoen."*

Den 1. Februar 1994 war d'Enquêtëkommissioun Wallissenaffär an d'Liewe geruff ginn: Si hat als Missioun, Zitat, "d'enquêteur sur les sources de financement des partis politiques et leurs campagnes électorales".

D'Kommissioun, déi am Ganzen 9 mol zesumme komm war, fir Zeien ze héieren, hat um Enn festgehalen, dass de Robert Mehlen net dee geréngste Beweis fir seng Aussoen erbruecht an déi Deklaratiounen och zrëckgezunn hätt. Si hat doriwwer eraus vun enger irresponsabler Attitude vum Deputéierte Mehlen a vu senge politesche Frënn geschwat, déi, Zitat, „ont mis en scène cette construction carrément calomnieuse“. Virun deem Hannergrond hat d'Enquêtëkommissioun der Chamber och recommandéiert, dem Bâtonnier vum Stater Barreau dee ganzen Dossier weider ze ginn.